

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Virun zwee Joer hat d'Gewerkschaft vun de Giischercher op sech opmierksam gemaach, andeems se Attacke vun aggressive Prisonéier op d'Sécherheetspersonal an eise Prisongen denoncéiert hat.

Am Kontext vu Gewalt a Gewaltpreventioun hunn ech folgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1. Gëtt et eng Evaluatioun zur Entwécklung vun der Gewalt an de Prisongen an de leschte Joren? Kann d'Madamm Minister eis eng Aschätzung vun der Situatioun ginn?
2. Wéi eng Roll spillt den Ament Gewaltpreventioun an de Prisongen? Ginn et Ënnerscheeder tëscht de Prisongen (Schraasseg, Givenech, Dräibuer)?
3. Wéi ass d'Entwécklung vun der Gewaltpreventioun an de Prisongen? Gëtt haut méi Gewaltpreventioun gemaach wéi virun e puer Joer oder manner?
4. Wéi eng Acteure këmmere sech ëm Gewaltpreventioun an de Prisongen?
5. Sollt Gewaltpreventioun éischer dorop zentréiert sinn, dass Gewalt am Prisong selwer verhënnert gëtt, oder éischer als Moosnam fir d'Erëmagliddung an d'Gesellschaft?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten